



Luxembourg, le **26 FEV. 2021**

**Monsieur Marc Hansen  
Ministre aux Relations avec  
le Parlement**

**Service Central de Législation  
Luxembourg**

**REÇU**  
Par Alff Christian , 16:43, 26/02/2021

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N° 3600 du 9 février 2021 de Monsieur le député Sven Clement au sujet de l'accessibilité du "Large scale testing" pour les personnes en situation de handicap, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch  
Ministre de la Mobilité  
et des Travaux publics**

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der  
Madamm Paulette Lenert, Gesondheetsministesch, op d'parlamentaresch Fro n° 3600  
vum 9. Februar 2021 vum honorablen Deputéierten Sven Clement betreffend dem Transport  
vu Leit mat enger Behënnerung an de Large Scale Test**

1. D'Busse vum Adapto sinn tatsächlech am Hierscht 2020 net an d'Centres de dépistage fir de Large Scale Testing gefuer.
2. Dëst hat zwou Ursachen:
  - Et huet eng gewëssen Onsécherheet bestaanen wat di sanitär Secherheet vum Buschauffer an och den aneren Passagéier ugaangen ass;
  - Et goufen Hürden um Niveau vun der Organisatioun, well d'Reservéierungsplattform vum Adapto et technesch net zouléisst, eng Aart Circuit ze fueren, wou de Passagéier net op enger Tëschendestinatioun erausklëmmt.

No engem Echange tëschend dem Mobilitéits- a Gesondheetministère huet den zoustännechen Service vum MMTP dunn de 5. Februar 2021 schrëftlech confirméiert, dass d'Centres de dépistage mat „effet immédiat“ fir de Large Scale Testing mam ADAPTO ugefuer kéinte ginn. De Werdegang gesäit vir, dass déi betraffe Persoune fir hir Reservatioun mussen an d'Mobilitéitszentral uruffen. Eng Online-Reservatioun oder eng Reservatioun via Applikatioun ass aus folgende Grënn net méiglech:

- D'Reservatiounsplattform brauch d'Indikatioun vu jeweils enger Start- an Destinationsadress, déi sech eng vun där anerer ënnerscheiden an vun der Kartographie vum Logiciel erfaasst kënnen ginn (Geoportail an HERE WeGo). Et muss also en Aller an e Retour gebucht ginn; eng „gebündelt“ Reservatioun vun engem Trajet mat Stopp op enger Plaz ouni Ausstig ass net planbar. De System kennt ausserdeem net d'Méiglechkeet vun enger Waardezäit op enger Plaz mat enger Persoun u Bord déi net géif erausklammen.
  - Bei den zwou eenzele Reservatiounen (Aller a Retour), déi mussen am System hannerluecht sinn, riskéiert den Algorithmus vum Logiciel fir de Retour een anert Gefier anzesetzen, coh wann den Zäitraum tëschend den 2 Faarte ganz knapps wier. Et ass awer ze garantéieren, dass déi gefouert Persoun d'Gefier net verloossen, bzw wiessele muss.
  - Et muss och garantéiert sinn, dass sech keng aner Persounen am Gefier befannen. De Logiciel ass konzipéiert fir méi Persounen pro Gefier ze regroupéieren, wat an dësem Fall onbedéngt evitéiert muss ginn, fir net di aner Passagéier och Waarden ze dinn. D'Funktions vum « private ride », also dass de betraffene Passagéier eleng transortéiert gëtt, ass méiglech, muss awer am Backoffice vun der Mobilitéitszentral aktivéiert ginn a kann net einfach vum Client erausgesicht ginn.
  - Schlussendlech, gëtt och esou vermeid, dass sech gréisser Verspéidungen optieren, déi en Impakt op d'Reservatioun vum nächste Client hätten.
3. D'Statiounen fir d'Tester sin alles Plazen, déi mam ëffentlechen Transport erreechbar sinn, souguer gréisstendeels op Parkingen vun P+R. Sou dierften d'Leit domat kee Problem hunn, sech op eng Statioun ze déplacéieren. Alternativ dozou missten se sech privat oder mam Taxi arrangéieren.